



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/07/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Héichschoul a Fuerschung weiderzeleeden.

Universitéis- an Héichschouldiplomer, déi een am Ausland erhält, muss een zu Lëtzebuerg an de Registre des Titres androe loossen, wann een se hei am Land wëll unerkenne loossen. An der Reegel ass esou eng Unerkennung net néideg, wann den Diplom vun engem Lëtzebuergesch Ausbildungsinstitut ausgestellt ginn ass, well da gëtt en automatesch enregistréiert. Ausname ginn et awer, wann den Diplom keen Titre de formation national luxembourgeois ass, well eng Ariichtung auslännesch Formatiounen hei am Land ubitt oder Formatiounen, déi net zu Lëtzebuerg accréditéiert sinn. Da kann am beschte Fall eng zousätzlech Inscriptioun am Registre de Titres néideg ginn, am schlemmste Fall kann et awer och sinn, dass den Diplom guer net unerkannt gëtt an eng Inscriptioun am Registre refuséiert gëtt vum Ministère. Fir déi concernéiert, déi vill Energie an hier Ausbildung gestach hunn, an deenen net bewosst war, dass hiren Diplom refuséiert géif ginn, kann dat eng tragesch Iwwerraschung ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Bildungsariichtunge bidden zu Lëtzebuerg mindestens eng Héichschoulformatioun un, déi zu engem Titel/Diplom féiert, deen op Grond vun den nationale Gesetzer iwwerhaupt net kann an de Registre des Titres de Formation opgeholl ginn?
2. Ëm wéi vill verschidde Formatiounen handelt et sech heibäi?
Wéi vill verschiddene Kategorie vun Titelen/Diplomer entsprécht dat?
3. Kann de Minister d'Nimm vun den Héichschoulausbildungen nennen, déi zwar zu Lëtzebuerg ugebueden, mee wou d'Titelen dono net am Registre des Titres de Formation enregistréiert kënne ginn?
Kann de Minister och d'Nimm vun den Ariichtungen nennen, an deenen dës Formatiounen ugebuede ginn?
4. Wat mëscht de Ministère, fir beschtméiglech ze verhënneren, dass Persoune



www.piraten.lu

Formatiounen zu Lëtzebuerg suivéieren am Glawen, domat en Titel/Diplom ze kréien,
deen och zu Lëtzebuerg unerkannt ass, obwuel dat net de Fall ass?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Député

